1-2021-0-λ-7110-01 (n°3861)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

2

# MOTIOUN

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2022
Dépôt CSV
Martine Hansen
P27672

D'Chamber stellt fest,

- dat 7758 Leit am Joer 2016 d'Petitioun 668 „Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun" ënnerschriwwen haten;

- dat d'Kommissiounen den 19. Januar 2017 an hire Conclusiounen zum Debat festgehalen haten, dat bei der Landwirtschaftskummer soll eng Plattform opgebaut gi, fir dat déi eenzel Acteuren sech kënnen ënnert eneen austauschen;

- dat de Landwirtschaftsministère a sengen Conclusiounen zum Debat vun der Petitioun 668 vum 31. Januar 2018 d'Schafung vun esou enger enger Plattforme a Form vun engem Groupement d'Intérêt économique (GIE) mam Numm „Luxembourg for Food and agriculture" an Aussicht gestalt hat;

- dat an deem Zesummenhang d'Landwirtschaftskummer soll d'Roll vun engem „Matchmaker" tëschent de Produzenten, de Veraarbechtungsentreprise, den Distributeuren an de Bedreiwer vun den ëffentlechen Kantinnen iwwerhuelen;

- dat et dës Plattform nach net gëtt, obwuel de Ministère a sengem Courrier vum 31. Januar 2018 d'Asetzung vum CIE bis spéitstens Juli 2018 ugekënnegt hat;

- dat esou eng Plattform den Ofsaz vun de Lëtzebuerger Agrarprodukter géif nohalteg stäerken.

**Fuerdert d'Regierung op:**

- Esou eng Plattform esou séier wéi méiglech am Interêt vun allen Bedeelegten an ze setzen;

- Der Landwirtschaftskummer déi néideg zousätzlech finanziell Moyen zur Verfügung ze stellen, fir dat si der Missioun als „Matchmaker" och kann gerecht gin, esou wéi d'Kommissiounen dat an hire Conclusiounen nom Debat gefuerdert haten

***

Hansen Martine

EISCHEN Félix

KAES Aly

EICHER Emile

MODERT Octavie